LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4966 vum 20. Oktober 2026 vun den Häre Deputéierten Jeff Boonen, Charles Weiler, Jean-Paul Schaaf et Emile Eicher.

Fro 1: Wat waren déi definitiv Resultater vun der zéngjäreger Inspektioun vun der Staumauer am Joer 2023? Goufen dobäi technesch Mängel oder Schwachstelle festgestallt, déi zousätzlech Ënnerhalts- oder Sanéierungsaarbechten néideg maachen?

D'Resultater vun der zéngjäreger Inspektioun vun der Staumauer am Joer 2023 erginn, dass sech d'Bauwierk an engem allgemeng gudden Zoustand befënnt. Gläichzäiteg goufen eenzel technesch Punkten identifizéiert, fir déi Ënnerhalts- oder Sanéierungsaarbechten néideg waren. Déi entspriechend Moossname goufen zum Deel schonn ëmgesat oder si fir déi nächst Jore geplangt.

Fro 2: Wéi ass den aktuelle Stand vun den Aarbechten am Kader vum Gesetzesprojet n°8263?

D'Etuden zum Projet si weidergefouert ginn an et ass virgesinn, dass déi éischt Aarbechten am Joer 2027 ufänken.

Fro 3: Konnten d'Aarbechten, wéi urspréinglech virgesinn, am Joer 2025 ufänken? Falls net, wat sinn d'Grënn fir d'Verspéidung?

Bis zum Vote vum Gesetz am Joer 2024 waren d'Büroen déi mat der Ausaarbechtung vum Projet beoptraagt waren, an enger Waardephas. Mat der Adoptioun vum Gesetz goufen zousätzlech administrativ Schrëtt néideg, déi eng gewëssen Zäit an Usproch geholl hunn. Dës Prozeduren hunn dozou gefouert, dass souwuel d'Fortféierung vun den Etüden ewéi och den Ufank vun den Aarbechte verréckelt goufen, soudass de Projet eréischt am Joer 2027 an d'Ëmsetzung goen kann.

Fro 4: Ass den urspréinglech geplangten Ofschloss vun den Aarbechten am Joer 2032 nach ëmmer realistesch? Wéi gesäit dem aktuelle provisoreschen Zäitplang fir déi eenzel Loten aus?

Den zäitleche Kader vu 7 Joer, deen am Gesetz virgesinn ass, entsprécht ëmmer nach der Realitéit, soudass ee bei engem Ufank vun den Aarbechten am Joer 2027 mat engem klenge Retard par rapport zum initiale Planning rechne kann. Wéi am Gesetz virgesinn, ginn déi eenzel Lousen a follgender Reiefolleg ëmgesat:

- Phase 1 : Lot4 – OA1455 Digue et mesures anti-crues à Bavigne
- Phase 2 : Lot3 – Mesures anti-crues à Esch-sur-Sûre
- Phase 3 : Lot5 – OA1166 Mesures de confortement du barrage principal (Phase1)
- Phase 4 : Lot2 – OA1159 Galerie de déviation
- Phase 5 : Lot1 – OA1158 Evacuateur de crues
- Phase 6 : Lot5 – OA1166 Mesures de confortement du barrage principal (Phase2)

Fro 5: Wéi gëtt d'Sécherheet vun der Staumauer bis zum Ofschloss vun de geplangte Verstäerkungsaarbechte am Fall vun extremem Héichwaasser garantéiert? Sinn an dësem Kontext zousätzlech provisoresch Sécherheetsmoossname virgesinn?

D'Sécherheet ass aktuell garantéiert an et sinn aktuell keng provisoresch Moossname virgesinn. De lafenden a permanente Suivi vun der Staumauer bestätegt den aktuelle Sécherheetslevel.

Lëtzebuerg, den 4. November 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes